ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Polen ass dat Land, dat mat als éischt an am meeschten mat dem Drama vun den ukrainesche Flüchtlinge konfrontéiert ass. Eenzel Reportage weisen, wéi staark gefuerdert vill polnesch Gemengen un der ukrainescher Grenz si fir d'Flüchtlingen opzehuelen, ze registréieren an hinnen dat Néidegst zur Verfügung ze stellen. Verschidde Buergermeeschtere wëssen hirer Hänn kee Rot an appelléieren iwwer youtube un Hëllef, och aus dem Ausland. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Huet Polen bilateral oder am europäesche Kader em Ennerstëtzung gebieden? Wa jo, ënnerstëtzt oder initiéiert Lëtzebuerg bilateral oder op europäeschem Niveau Moossname fir de polnesche Grenzgemengen an dëser schwiireger Situatioun ze hëllefen?
2. Wa jo, wéi wëll Lëtzebuerg Polen a senge Grenzgemenge mat der Ukrain ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten